Lëtzebuerger Guiden a Scouten
Saint Maximilian Kolbe
Groussbus

Lëtzebuerg, den 15.03.20

Objet : **Communiqué de presse / Informatioun / aktuell Situatioun Corona**

Madame Buergemeeschter,
Dir Hären Buergemeeschter,
Dir Damen an Dir Hären vum Gemengerot,
Dir Damen an Dir Hären vun der Press,

Mat dësem Schreiwen wëllen mir, Suite op déi aktuell Situatioun dorop opmierksam maachen, dass d'Scouten den Mënschen **an Nout** wëllen hëllefen. Dësen Leit géifen mir an eisen 6 Gemengen, déi zu dem Grupp gehéieren ubidden, ënnert verschidden Virgaben déi mir hei drënner opféieren an erklären, hiren Akaf ze maachen:

- D'Scouten wäerten keng 'Hamster-Keef' maachen. Mir bidden eis Déngschter un fir den normalen Akaf.
- Eis Hëllef gëllt nëmmen fir:
  - Leit an der Quarantän.
  - Eeler Leit, déi sech net méi eraus trauen.
  - Krank Leit, déi alleng net méi an d'Geschäft kommen.
- D'Scouten sinn keng Aart Ersatz-Hëllef doheem. Eisen Service ass reng geduecht fir den Leit an Nout hiren Akaf ze besuergen an heem ze bréngen.
- D'Saachen ginn akaaft, besuergt, wéi et den Fräiwëllegen méiglech ass. Et ass alleng un den Scouten, wéi d'Organisatioun ofleeft.

Folgend Punkten sinn ze beuechten:

- **Sidd Dir an der Quarantän** fënnt keen perséinlechen Kontakt mat deemjéinegen Scout statt, deen den Akaf fir Iech erleedegt. Den Ziedel mat den Saachen ass mat dem Geld an enger Täsch (Tut) virun der Dier of ze leeën. Nodeems den Akaf erleedegt ass, gëtt dësen virun Ärer Hausdier ofgeleugt.
- Weder den Scout an senger Persoun nach den Grupp kënnen verantwortlech gemaacht ginn fir eventuell Problemer vun egal wéi enger Natur. **Et ass dëst vun Säiten vun den Scouten een humanitären Gest an enger aussergewéinlecher Situatioun. Ween sech heimat net averstanen erklären kann ass gebieden, vun eisem Service Ofstand ze huelen!** Mir bieden hei fir Verständnes – mussen awer hei och eis Memberen, déi sech engagéieren, schützen.

Beschten Scoutsgréiss, fir d'Cheféquipe,

Carole Schartz
Gruppechef adjoint

Jean-Claude Schmit
Gruppechef

**Lëtzebuerger Guiden a Scouten**
**Grupp Saint Maximilian Kolbe Groussbus**
5, rue de Bastogne
**L-9155 Groussbus**
**Tel. : 691 20 99 62 – E-mail : Gruppechef@groussbus.lgs.lu**

E grousse Merci un eis Sponsoren

Lëtzebuerger
Guiden a Scouten
Saint Maximilian Kolbe
Groussbus

Kontakt fir Är Bestellungen:

Lëtzebuerger Guiden a Scouten Groussbus
St. Maximilien Kolbe
**Tel.: 691 20 99 62**

Är Scouten bidden Iech hier Hëllef un – an deem Sënn soen mir Merci an freeën eis op een géigesäitegt Vertrauen an dorop, Iech an dësen Momenter eng kléng Stëtz kënnen un ze bidden.

**Lëtzebuerger Guiden a Scouten**
**Grupp Saint Maximilian Kolbe Groussbus**
5, rue de Bastogne
**L-9155 Groussbus**
**Tel. : 691 20 99 62 – E-mail : Gruppechef@groussbus.lgs.lu**

E grousse Merci un eis Sponsoren